

# DE PROUST OP LËTZEBUERG

CAMPAGNE: „DE PROUST (1871-1922) ASS MÉI LIEWEG EWÉI JEE VIRDRUN“.

*„Dir wësst jo, datt ee just e bësselchen iwwersetzt ... Ech hunn esou vill Virsiicht walte gelooss, wéi ech nëmme konnt.“*

Marcel Proust



„Dem Proust seng Madeleine“, Geneviève Van der Wielen (Acryl op Toile, 80 x 80) – 1998.

Am Joer 2022, genee gesot den 18. November 2022, gedenke mir dem honnertsten Doudesdag vum Marcel Proust, deen a Wierklechkeet eigentlech guer net dout ass.

*„Hie gouf begruewen, mee déi ganz Nuecht iwwer hu seng Bicher, ëmmer zu dräi an dräi, ewéi Engele mat ausgebreete Fllilken iwwert hie gewaacht, ewéi e Symbol vun der Opersteegung fir deen, deen net méi do ass.“ (Marcel Proust)*

Et ass e literareschen Event zu Éiere vum Auteur vum Roman „D’Sich“, deen trotz senge siwe Bänn, 3000 Säiten, 1.300.000 Wierder an 9.609.000 Zeechen e „Klassiker“ vun der Literatur ass an deem seng Verkafszuelen erop- an erfogongen. Nodeems den André Gide als Editeur vun der Literaturzäitschrëft NRF (Gallimard Verlag) d’Manuskript am Ufank refuséiert hat, gouf déi éischt Editioun am Eegeverlag publizéiert. De Verlag huet d’Wierk schliisslech knapps virun der Auszeechnung mam Prix Goncourt am Joer 1919 erëmkritt, déi den Ufank fir dräi gloriéis Jore war. Tëschent der Iwwerrechung vum Prix Goncourt 1919 an dem Auteur sengem Doud 1922 gouf de Proust dräi Joer laang gefeiert. Zwee Méint no sengem Doud, wéi dat literarescht Liewen am Nokrichsfrankräich nees opgekeimt ass, huet d’NRF eng speziell Editioun zu Éiere vum Schrëftsteller

verëffentlecht. „D’Sich“ ass zäitweis awer och duerch d’Feegfeier gaangen. An den 30er-Joren, während der Zäit vum Surrealismus an dem Engagement mat de Romaner vum Céline, Malraux a Sartre, gouf den Interessi um Proust op Äis geluecht, fir am Joer 1950 op en Neits opzeflumen. Zënterhier gehéiert de Proust zesumme mam Kafka an dem Joyce zum modernisteschen Ierwe vum 20. Joerhonnert. An de 60er-Jore kënnt him d’Popularitéit vun der Psychanalys zegutt. *„Den Dram, d’Gediechtnes, d’Sexualitéit vum Kand – all dës Themen hunn an de 60er- a 70er-Joren aus dem Proust eng prestigiéis Lektür gemaach“*, erkläert den Antoine Compagnon, Professor um Collège de France a Proust-Expert, der Zeitung „Le Temps“. *„De Proust gouf laang gelies, obwuel hien e Judd an homosexuell war. Duerno gouf hie gelies, eebe well hien e Judd an homosexuell war. Et koum zu enger Ëmwandlung vun der Ofneigung géintwuer der jüddescher a sexueller Identitéit an e grouse Virwëlz fir eebe grad dës Identitéit. Et koum frësche Wand an d’Lektür vum Proust. An dësen Interessi ass bis haut erhale bliwwen.“* Zënter 1987 an der Verëffentlechung vum Wierk an der Editioun *Bibliothèque de la Pléiade* sinn d’Verkafszuele vum Proust a Frankräich stabel.

### **Am Mëttelpunkt vun der lëtzebuergescher Iddi: D’MADELEINE.**

D’Madeleine ass an der „Sich“ en ikonescht Gebäck. Ëm een Hoer wier et just e Stéck Toast oder en einfachen ... Zwiback gewiescht, well d’Madeleine daucht eréischt an der drëtter Editioun op. Mee wann do dës Onsécherheete bestanen hunn, firwat ass de Choix dann op d’Madeleinë gefall? Dofir gëtt et eng ganz Rei Erklärungsversich. Fir verschidden Analysten erënnert d’Gebäck un den Numm Maria Magdalena an huet domat eng chrëschtlech Konnotatioun. Anerer associéieren dem Gebäck säi Charakter mat enger séisser, duusser Kandheet. An nach anerer sinn der Meenung, datt et dorop zeréckzeféieren ass, datt de Marcel Proust déi selwecht Initialen ewéi d’*Petite Madeleine* (d’Madeléinchen) hat. Kuerz gesot, wat wierklech derhannert stécht, wäert wuel fir ëmmer an éiweg e Geheimnis bliwen.

D’Iddi ass, den 18. November am Salon „Lea Linster Delicatessen“ (4, rue de l’Eau) e spezielle Proust-Dag z’organiséieren. Um Menü wäerten exklusiv Madeleinë stoen, déi a Lannentéi gezappt ginn. De Salon gëtt fir dësen Event mat Proust-Zitater dekoréiert an et gëtt aus der „Sich“ virgelies. Op Wonsch kann e Schreifatelier mat lëtzebuergesche Schrëftsteller organiséiert ginn. Och steet Kammermusek ronderëm d’Vinteuil-Sonat um Programm.

[D’Madeleine \(PROUST Marcel, Du côté de chez Swann, Flammarion, Paräis, 1987, Säiten 140–145 \(Ënnerwee bei de Swann\)\)](#)

„Zanter ville Joren hat vu Combray ausser deem, wat den Theater an den Drama ëm mäi Schlof uitgemaach huet, näischt méi fir mech existéiert, bis meng Mamm, wéi ech op engem Wanterdag heemkoum, gesouch, datt et mir kal war, a proposéiert huet, ech sollt géint meng Gewunnecht e bësselchen Téi zou mer huelen. Am éischte Moment wollt ech net, mee hu mer et dunn aus wéi engem Grond och ëmmer anescht iwwerluecht. Si huet sech doropshin ee vun deenen décken ovale Kichelcher brénge gelooss, déi 'Kleng Madeleinen' heeschen an ausgesinn, wéi wa se an der gerillter Schuel vun enger Coquille Saint-Jacques geformt gi wieren. Kuerz duerno, a Gedanken a bedréckt wéinst deem driibsegen Dag an der Aussicht op deen trauregen duerno, hunn ech ouni driwwer nozedenken, e Löffel Téi mat deem opgeweechte Maufel Madeleine dra bei meng Lëpse gefouert. Genee an deem Moment, an deem dës Schlupp Téi, zesumme mam Goût vum Gebäck, mäi Gomm beréiert huet, sinn ech zesummegefuer, ganz opmierksam fir dat Aussergewéinlecht, dat a mir virgaangen ass. E wonnerbaart Glécksgefill ass iwwer mech komm, isoléiert, an deem säi Grond mir unbekannt war. Op eemol, opgrond vun dësem Glécksgefill, ware mir d’Roserie vum Liewen egal, seng Katastrophen harmlos a seng Limitten illusoresch, genee wéi och d’Léift et bewierkt, andeems et mech mat enger eedeler Essenz erfëllt huet: oder villméi war dës Essenz net a mir, ech selwer war dës Essenz. Ech hunn opgehalen, mech mëttelméisseg, zoufallsbedéngt, stierflech ze fillen. Wou koum dës mächtig Freed blouss hier? Ech hu gespiert, datt se mam Goût vum Téi an dem Gebäck verbonne war,

mee datt se wäit doriwwer erausgoung a ganz anescht war. Wou koum se hier? Wat huet se bedeit? Wou kann ee se erfaassen? (...)

Op eemol war d'Erënnerung do. De Goût war dee vun deem Stéckelche Madeleine, dat mir sondes moies zu Combray (well ech op dësem Dag net virun der Mass aus dem Haus gaange sinn) vu menger Tatta Leonie ugebuede gouf, wann ech hir an hirem Zëmmer Moie soe gaange sinn, nodeems si et an hire schwaarzen Téi oder Lannentéi gezappt hat. Den Ubléck vun dëser Madeleine huet mech un näischt erënnert, bis ech se probéiert hat; villäicht, well ech se heefeg op den Dëscher an de Pâtisseries leie gesinn hat, ouni dovunner z'iessen, a sech hiert Bild vun dësen Deeg zu Combray lassgeléist hat, fir sech mat aneren, méi rezenten ze verbannen; villäicht och dohier, datt vun deenen Erënnerungen, déi esou laang aus mengem Gediechtnes verschwonne waren, näischt iwverlieft huet, alles sech opgeléist hat: d'Formen – och déi vun dëser klenger Bakmuschel, esou üppeg a sënnelech an hirem strengen, fromme Falekleed – ware geläschert oder entschlof an haten den Elan verluer, deen hinnen erlaabt hätt, ze wuessen an d'Bewosstsinn z'erreechen. Wann awer vun enger fréierer Vergaangeneit näischt méi iwwereg bleift, nom Doud vun de Mënschen, no der Zerstiierung vun de Saachen, bleiwen eleng de Geroch an de Geschmaach nach laang ewéi Séilen, méi zerbriechlech, awer méi lieweg, méi immateriell, méi bestänneg, méi trei, fir sech z'erënnere, ze waarden, ze hoffen, op der Ruin vun allem aneren, fir op hirer bal net gräifbarer butzeger Dréps dat ongeheiert Gebai vun der Erënnerung onfeelbar ze droen.

Esoubal ech de Goût vun där Madeleine, gezappt an de Lannentéi, erëmerkannt hat, déi meng Tatta mir ginn huet (obwuel ech nach ëmmer net wosst an och eréischt méi spéit sollt ergrënne kënnen, firwat dës Erënnerung mech esou glécklech gemaach huet), huet sech dat grot aalt Haus un der Strooss, wou hiert Zëmmer war, wéi eng Kuliss am Theater op dee klenge Pavillon op der Säit zum Gaart hin iwwerdreien, dee fir meng Elteren hannenaus ugebaut gi war (deen ofgeschnidde Deel, deen ech bis dohinner eleng viru mir gesinn hat). A mat deem Haus d'Stad, d'Plaz, op déi ech virum Mëttegiesse geschéckt gouf, d'Stroossen, duerch déi ech vu moies bis owes, bei Sonn oder Reen, getrëppelt sinn, d'Weeër, déi mir bei schéinem Wieder gaange sinn. A genee wéi bei deem Spill, bei deem d'Japaner kleng an op den éischte Bléck onscheinbar pabeiers Schnëppelen an eng porzeläins Jatt mat Waasser geheien, Schnëppelen, déi, esoubal se agedaucht sinn, ausernee ginn, sech krëmmen, faarweg ginn, sech ënnerscheiden, aus deene Blummen, Haiser, konsistent an erkennbar Figure ginn, sinn elo all d'Blummen aus eisem Gaart an déi aus dem Här Swann sengem Park aus menger Taass Téi ervirgaangen, d'Séirousen op der Vivonne, déi gutt Leit aus dem Duerf an hir Haisercher an d'Kierch a ganz Combray mat senger Ëmgéigend, alles dat, wat hëlt Form a Bestännegkeet unhëlt, d'Stad an d'Gäert, ass aus menger Taass Téi ervirgaangen.“

#### **An „LE BŒUF EN GELÉE“ (Rëndfleesch am Jelli) um Menü vum Restaurant.**

Dee selwechten Dag kéint der Lea Linster hire Restaurant en identescht Konzept a Form vun engem typesche Proust-Menü ubidden. D'Zitat ass herrlech.

[Le Bœuf en Gelée \(PROUST Marcel, À l'ombre des jeunes filles en fleurs, Flammarion, Paräis, S. 445\) \(Rëndfleesch am Jelli – Am Schiet vun de Meedercher a voller Bléi\)](#)

„A schonn zënter dem Dag virdru war d'Françoise, frou fir sech der Kachkonscht, fir déi hatt sécherlech en Don hat, higinn ze kënnen, ugereegt duerch d'Ukënnegung vu engem neie Gaascht a sech bewosst, datt hatt no eleng him bekannte Methoden e Plat mat Rëndfleesch am Jelli komponéiere sollt, ganz an engem Zoustand vu kreativer Begeeschterung; well hatt extrem vill Wäert op d'Qualitéit vun den Ingrediente geluecht huet, déi fir d'Kreatioun vu sengem Wierk néideg waren, goung hatt perséinlech an d'Maarthalen, fir sech déi beschte Stécker Rumpsteak, Rëndsjarret a Kallefsouss ginn ze loossen, änlech wéi de Michelangelo, deen aacht Méint laang an de Bierger vu Carrara verbruecht huet, fir do de perfekte Marber fir dem Julius II. säi Monument erauszesechen. (...)

De kale Plat mat Rëndfleisch a Muerte gouf opgedroen, vum Michelangelo aus eiser Kichen op enorm Jelliskristalle geluecht, déi un duerchsichtige Quarz erënnert hunn.

„- Dir hutt do e Kichechef vun allerhéchstem Niveau, Madamm“, sot den Här De Norpois. „An dat wëll eppes heeschen. Ech, deen am Ausland hu missen en Haus leeden, weess genee, datt et heefeg ganz schwéier ass, fir e perfekte Meeschterkach ze fannen. Dat ass e reegelrechte Banquet, op deen Dir eis hei invitéiert hutt.“

An effektiv hat d’Françoise, ugestachelt vum Éiergäiz, fir engem héichrangege Gaascht eng senger Perséinlechkeet wierdeg Molzecht mat villen Erausforderungen ze zauberen, sech eng Méi ginn, déi hatt soss fir eis eleng net méi opbruecht huet, an dobäi seng onvergläichlech Manéier vu Combray erëmfonnt.

„- Esou eppes kann ee sech net am Wiertshaus beschafen, mol net an deene beschten: e Rëndsbrot, bei deem de Jelli net pecheg schmaacht, an d’Rëndfleisch den Aroma vun de Muerten unhëlt, dat ass ze bewonneren! Erlaab mir, nach eemol drop zeréckzekommen“, sot hien a gouf en Zeechen, fir sech nach e bësselche méi Jelli zerwéieren ze loossen. „Elo wier mir vill dru geleeën, Äre Vatel mat engem ganz anere Kachproblem ze konfrontéieren, ech géing zum Beispill ganz gär gesinn, wéi hien sech debrouilléiert, wann hien et mat engem Boeuf Stroganoff ze di kritt.“ (...)

„- Awer wéi erkläert Dir, datt keen esou e gudde Jelli mécht ewéi Dir (wann Dir dat da wëllt)?“, huet meng Mam gefrot.

„- Ech weess net, wou dat hiergeet“, war dem Françoise seng Äntwert. An iwwregens war hatt opriichteg, zum Deel, a war genee esou wéineg amstand – oder bereet –, d’Geheimnis, dat d’Iwwerleeënheet vu senger Jellien an Zoppen ëmginn huet, präiszeginn, wéi eng elegant Damm d’Geheimnis vun hirer Garderob oder eng grouss Sängerin dat vun hirem Gesang. Deenen hir Explikatiounen soen eis net vill; a genee esou war et och mat de Rezepten vun eiser Kächin. „Déi kache vill ze séier“, huet hatt vun deene grouse Restaurante behaapt, „an dann och net alles zesummen. Wat d’Rëndfleisch ugeet, dat muss e Schwamm ginn, da suckelt et dee ganze Bouillon bis op de Fong op.“ (JF 445/17)

Déi éischt Sätz vun der „Recherche“ (Sich) („Du côté de chez Swann“) (Ënnerwee bei de Swann)

„Eng gutt Zäitche sinn ech matzäite schlofe gaangen. Heiansdo si mir knapps, nodeems ech d’Käerz uitgemaach hat, d’Aen esou séier zougefall, datt keng Zäit blouf, fir mir ze soen: 'Ech schlofen an.' An eng hallef Stonn drop huet mech de Gedanken erwächt, datt et un der Zäit wier, de Schlof ze sichen; ech wollt dat Buch ewechleeën, dat ech nach an den Hänn ze hale gemengt hunn, an d’Luucht ausblösen; am Schlof hat ech weider iwwer dat, wat ech grad gelies hat, nopeduecht, dëst Nodenken awer hat eng droleg Tournure kritt: Mir war et, wéi wann ech et selwer wier, vun deem d’Buch erzielt huet – eng Kierch, e Quartett, d’Rivalitéit tëschent dem François I. an dem Charel V. Dës Virstellung huet nach e puer Sekonnen no mengem Erwächen ugehalen; mäi Verstand huet sech net dru gestéiert, mee si louch mir schwéier wéi Schuppen op den Aen an huet dës dru gehënnert, z’erkennen, datt d’Käerz net méi gebrannt huet. Da gouf se mer ëmmer méi onbegräiflech, sou wéi no enger Metempsychos, déi an enger fréierer Existenz geduechte Gedanken; d’Thema vun Buch huet sech vu mir geléist, et stoung mir fräi, mech domat ze befaassen oder och net; direkt konnt ech nees gesinn a war ganz erstaunt, ronderëm mech eng Däischtert virzefannen, déi agreabel an erhuelsam fir meng Ae war, awer méi nach villäicht fir mäi Geescht, deem se wéi eppes ouni Ursaach, eppes Onbegräiflech, wéi eppes wierklech Obskueres virkoum. Ech hu mech gefrot, wéi vill Auer et wuel ass; ech konnt d’Päife vun den Zich héieren, méi oder manner wäit ewech, sou wéi de Gesang vun engem Villchen am Bësch d’Distanzen däitlech gemaach a mir d’Ausdeenung vun der verloosener Gewan beschriwwen huet, wou de Reesenden sech séier op déi nächst Statioun begëtt; an dee

schmuele Pad, op deem hie leeft, wäert sech a säi Gediechtnes aprägen duerch d'Opreegung, déi hien neie Plazen, ongewinnten Handlungen, deem rezente Gespréich an den Adieuen ënner der friemer Luucht, déi him nach an der Stëllt vun der Nuecht noginn, verdankt der noer Duussheet vum Retour.“

An déi lescht Sätz vun der „Recherche“ (Sich) „Le Temps retrouvé“ (D'erëmfonnten Zäit).

„E Gefill vu grousser Middegkeet koum iwwert mech beim Gedanken, datt dës ganz an därmoosse laang Zäit net nëmmen ouni Ënnerbriechung vu mir gelieft, geduecht an ausgescheet gi war, datt et mäi Liewe war, datt ech selwer dës Zäit war, mee datt ech et och nach all eenzel Minutt bei mir festhale misst, datt et mech gedroen huet, datt ech op senger schwindeleger Kopp stoung an datt ech keng eenzeg Bewegung maache konnt, ouni et mat mir zesummen ze beweegen.“

Den Datum, op deem ech d'Geräisch vun der Schell un der Gaardepäertchen zu Combray héieren hat, dee Klang, deen elo esou wäit ewech an awer a mir dra war, war en Unhaltspunkt an dëser onendlecher Dimensioun, vun där hirer Existenz a mir ech näischt wusst. Mir war dronken, esou vill Joren ze gesinn, ënnert mir an trotz allem a mir, wéi wann ech Meilen héich wier.

Ech hat mëttlerweil verstanen, firwat den Duc vu Guermantes – bei deem ech, wéi ech hien op sengem Stull sëtze gesouch, bewonnert hat, wéi wéineg hie gëeelt war, obwuel hien dach esou vill méi Joren ënnert sech hat –, esoubal hien sech erhuewen a versicht hat, riicht ze stoen, an d'Schwanke gerode war op wackelege Been ewéi déi vun deenen alen Äerzbëscheef, un deenen ausser hirem metallene Kräiz näischt Zolittes ass, ëm déi sech déi jonk Seminaristen drängen, an sech nëmme viru beweegen konnt, andeems hie geziddert huet ewéi e Blat op deem wéineg praktikabele Sommet vu sengen dräianachzeg Joer, wéi wann d'Mënschen alleguerten op liewegen, permanent wuessende Stelzen, heiansdo méi héich ewéi e Kierchtuerm, hucke géingen, déi hinnen d'Goe schliisslech schwéier a geféierlech maache géingen, bis si plötzlech vun hinnen eroffale géingen. Do gouf et mir baang, well meng schonns esou héich waren ënner menge Schrëtt; et koum mir net vir, wéi wann ech nach d'Kraaft hätt, dës Vergaangenheet, déi schon esou wäit erofgereecht huet an déi ech mat esouvill Péng a mir gedroen hunn, nach laang bei mir festzhalen! Wa mir op d'mannst genuch Zäit bléif, fir mäi Wierk ze vollbréngen, géing ech net verpassen, et mat dem Stempel vun dëser Zäit ze versinn, vun där d'Iddi sech mir haut mat esouvill Kraaft imposéiert huet, an ech géing d'Mënschen, op d'Gefor hin, datt se wéi monstréis Wiesen ausgeséichen, dra beschreiwen an als Figuren duerstellen, déi an der Zäit eng aner a wäit aus gréisser Plaz anhuelen ewéi déi wéineg Plaz, déi hinnen am Raum zougewise gouf, eng Plaz, déi am Géigendeel ouni Mooss an d'Längt gezunn ass, well se gläichzäiteg ewéi an d'Déift vun de Jore gedaucht Risen Epoche beréieren, déi si duerchlieft hunn an déi – well esou vill Deeg sech tëscht si placéiere komm sinn – zäitlech esou wäit vuneneen ewech sinn.“

An nach déi follgend kuerz Zitater:

„Mir wënschen eis leidenschaftlech, datt et en anert Liewe gëtt, an deem mir d'selwecht bleiwen, ewéi mir heinidde sinn. Awer mir bedenken dobäi net, datt mir, esouguer ouni op dat anert Liewen ze waarden, schonn an dësem hei no e puer Joer deem ontrei ginn, wat mir waren a wat mir selwer an der Onstierflechkeet weider wollte bleiwen. Mee esouguer wa mir net dovun ausginn, datt den Doud eis méi staark verännert ewéi déi Wandlungen, déi sech am Laf vu eisem Liewe vollzéien, wa mir an dësem anere Liewen deem aneren Ech géinge begéinen, dat mir waren, da géinge mir eis selwer de Réck dréinen ewéi deene Leit, mat deenen een zwar eng Verbindung huet, déi een awer länger Zäit net méi gesinn huet.“

(Sodome et Gomorrhe) (Sodom a Gomorrha)

„Ech verstoung elo, wat den Alter war – den Alter, dee vun all de Realitéite vläicht déijéineg ass, vun där mir an eisem Liewen am längsten eng vëlleg abstrakt Virstellung behalen, während mir op de Kalenner kucken, eis Bréiwer datéieren, materliewen, ewéi eis Frënn sech bestueden, eise Frënn hir Kanner sech bestueden, ouni ze begräifen, sief et aus Angscht, sief et aus Lidderegkeet, wat dat bedeit, bis zu deem Dag, wou mir eng onbekannt Gestalt gesinn, déi eis léiert, datt mir an enger neier Welt liewen; bis zu deem Dag, wou den Enkel vun enger Frëndin, e jonke Mann, dee mir instinktiv ewéi e Kollege behandeln, laacht, wéi wa mir eis iwwer hie géinge lëschtteg maachen, mir, déi him virkommen ewéi e Grousspapp.“

(Le Temps retrouvé) (D'erëmfonnten Zäit).

„Mir kënnen e ganzt Liewe laang poteren, ouni eppes anescht ze soen, ewéi bis an d'Onendlecht de Vakuum vun enger Minutt ze widderhuelen, während de Gang vum Gedanken an der einsamer Aarbecht vun der kënschtlerecher Kreatioun a Richtung vun der Déift geschitt, déi eenzeg Richtung, déi eis net verschloss ass an an där mir, wann och mat wäit gréisserer Ustrengung, e Resultat vun der Wourecht erreche kënnen. Mir sinn net ewéi Gebaier, bei déi ee Steng vu bausse bäifüge kann, mee ewéi Beem, déi aus hirem eegene Saaft deen nächste Knuet, déi iewescht Etage vun hire Blieder zéien.“

(À l'ombre des jeunes filles en fleurs) (Am Schiet vun de Meedercher a voller Bléi)

„Firwat déi vill Reesen? D'Kutsche féieren lech nëmme ganz lues dohinner, wouhin lech Ären Dram esou séier géing mathuelen. Fir un d'Mier ze goen, braucht Dir just Är Aen zouzemaachen. Iwwerloosst deenen, déi nëmme kierperlech Aen hunn, sech mat hirem ganzen Entourage ze deplacéieren an sech mat deem zu Pozzuoli oder Neapel z'installéieren. Dir sot mir, Dir wéilt do e Buch zu Enn bréngen? Wou schafft et sech da besser ewéi an der Stad? Tëschent hire Mauere kënn Dir déi herrlechst Dekore ganz no Ären Häerzenswënsch errichten.“

(Les Plaisirs et les Jours) (Deeg vun de Freedem)

„De Schrëftsteller seet just aus enger Gewunnecht, déi hien sech aus der onéierlecher Sprooch vun de Virwierder an de Widmungen ugëeegent huet, 'Mäi Lieser'. A Wierklechkeet ass jiddwer Lieser, wann e liest, den eigentleche Lieser vu sech selwer. Dem Schrëftsteller säi Wierk ass just eng Zort optesch Instrument, dat hien dem Lieser ubitt, fir datt dësen erkenne kann, wat hien, ouni dat Buch, a sech selwer villäicht net gesinn hätt. Wat de Lieser a sech selwer erkennt, wat d'Buch ausseet, ass de Beweis fir d'Richtigkeet vum Buch, an emgedréint, jiddefalls an engem gewësse Mooss, well d'Ofwäichung tëschent deenen zwee Texter oft net dem Auteur, mee dem Lieser zouzeschreiwem ass. Den Auteur brauch dowéinst net beleidegt ze sinn, mee soll am Géigendeel dem Lieser déi gréisstméiglech Fräiheet loossen, andeems hien him seet: 'Probéiert emol selwer, ob Dir mat dëser Lëns hei besser gesitt, mat där doten, mat nach enger anerer.“

(Le Temps retrouvé) (D'erëmfonnten Zäit).

„Chopin, e Mier vu Keimen, Kräischen, Jéimeren;  
Driwwer ewech e Schwarm Päiperleken, léisst sech néierens nidder,  
spillt iwwer der Trauregkeet, danzt iwwer de Wellen.  
Dreemt, lieft Léift, leit, jäizt, berouegt, begaachelt oder juppelt,

allzäit léisst du gläich an enger kapriziéiser Laun  
op Péng schwindelegt Vergiesse follegen,  
esou wéi d’Päiperleke vu Bléi zu Bléi fléien;  
deng Péng vereent sech da mat denger Freed:  
den Elan vum Trëndel steigert den Duuscht no Tréinen.  
Dem Mound, de Flëss an de Séien hire blatzegen, duusse Komerod,  
Prënz vun der Verzweiwlung oder verrodene Grandseigneur,  
Nach léiss du, méi schéin an denger Blatzegkeet,  
dech vun der Sonn begeeshteren, déi an däi Krankenzëmmer schéngt,  
déi kräischt an hien ulaacht a leit, hien esou ze gesinn ...  
Laache vun dem Regret an Tréine vun der Hoffnung!“

(Les Plaisirs et les Jours) (Deeg vun de Freedem), Portraite vu Moler a Museker, 1896

„An enger Zäit ewéi eiser, an där déi ëmmer méi grouss Komplexitéit vum Liewe kaum Zäit fir d’Liese léisst, an där d’Kaart vun Europa déifgräifend geännert ginn ass a vläicht nach vill gréisser Ännerungen erfuere wäert, well iwverall esouvill nei Problemer opdauchen, huet een d’Recht, dat musst Dir mir zougestoen, vun engem Schrëftsteller eppes anescht ze verlaangen, ewéi e schéine Geescht ze sinn, deen eis a müüssegen, byzantineschen Diskussiounen iwver reng formal Meritte vergiesse léisst, datt mir vun engem Ament op deen aneren duerch d’Invasioun vun engem duebele Stroum vu Barbaren, Barbare vu baussen a Barbare vu bannen, iwwerrannt kënne ginn.“

(À l’ombre des jeunes filles en fleurs) ([Am Schiet vun de Meedercher a voller Bléi](#))

„Fir munch Männer bleift dat jonkt Meedchen, dat hir éischt Léift war, fir ëmmer, och dann, wann et schonn al oder esouguer dout ass, no anere Léiften, mat engem Charme, engem besonnesche Prestige versinn, déi keng aner Fra jee erreecht. Dësen Ënnerscheid an der Natur, an der Essenz tëschent engem Wiesen an all deenen aneren, deen op eng Léift aus der Kandheet zeréckzeféieren ass, existéiert fir mech – net fir eng Fra, mee fir eng Blumm.“

(À l’ombre des jeunes filles en fleurs) ([Am Schiet vun de Meedercher a voller Bléi](#))

An dem Marcel Proust säi Questionnaire.

Meng Liblingsdugend:

Déi wichtegst Eegenschaft vu mengem Charakter:

D’Qualitéit, déi ech bei engem Mann am léifsten hunn:

D’Qualitéit, déi ech bei enger Fra am léifsten hunn:

Mäi gréissten Defaut:

Meng gréisste Qualitéit:

Wat ech bei menge Frënn am meeschte schätzen:

Meng Liblingsbeschäftegung:

Mäin Dram vum Gléck:

Wat wier mäi gréisst Ongléck?

Wien ausser ech selwer wéilt ech sinn?

D’Land, an deem ech gär liewe géing:

Meng Liblingsfaarf:

Mäi Liblingsvillchen:

Meng Liblingsauteure fir Prosa:

Meng Liblingsdichter:  
Meng Helden an der Belletristik:  
Meng Liblingsheldinnen an der Belletristik:  
Meng Liblingskomponisten:  
Meng Liblingsmoler:  
Meng Helden am wierkleche Liewen:  
Meng Heldinnen am wierkleche Liewen:  
Meng Helden an der Geschicht:  
Wat ech am meeschten haassen:  
D'historesch Figuren, déi ech am meeschten haassen:  
D'historesch Fakten, déi ech am meeschte veruechten:  
D'militäresch Tatsaach, déi ech am meeschte bewonneren:  
D'Reform, déi ech am meeschte bewonneren:  
Wéi ech gär stierwe géing:  
De Feeler, deen ech am éischte verzeie géif:  
Mäi Motto:  
Meng géigewäerteg geeschteg Verfaassung:

### **Vun der Iwwersetzung vum Ruskin sengen Wierker bis zur Kreatioun vum Wierk „À la recherche du temps perdu“ (Op der Sich no der verluerener Zäit)**

Younès Ez-Zouaine

Universitéit Mohammed Ben Abdellah, Fes, Marokko, Fuerschungszentrum „Literatur, Sproochen a Kommunikatioun“

Éier de Marcel Proust Schrëftsteller gouf, war hien Iwwersetzer an huet zwee Bicher vum John Ruskin iwwersat. De Younès Ez-Zouaine vun der Universitéit Fes huet seng Iwwersetzungen analyséiert.

Hei de Resumé vu senger Verëffentlechung:

„Éier de Marcel Proust „Contre Sainte-Beuve“ (Géint de Sainte-Beuve) an 'À la recherche du temps perdu' (Op der Sich no der verluerener Zäit) verfaasst huet, huet hien dem John Ruskin seng Wierker 'The Bible of Amiens' (1884) (D'Bibel vun Amiens) an 'Sesame and Lillies' (1865) (Seesam a Lilien) iwwersat. D'Analys vun dësen zwou Iwwersetzungen weist, datt den Iwwersetzer sech vun dëse Wierker inspiréiere gelooss huet, fir dat ästhetescht Fundament fir säin eegent zukünftegt Wierk ze schafen. Effektiv ass d'Iwwersetzung vum Ruskin sengen Essayen en integralen Deel vum Léier- a Maturitéitsprozess, deen der definitiver Versioun vum Wierk 'À la recherche du temps perdu' (Op der Sich no der verluerener Zäit) virausgeet an dësem Wierk de Wee fräimécht. D'Iwwersetzung war eng Iwwerdroung vun den ästheteschen Inhalter vun dem engleschen Ästhet sengem Wierk op säin eegent Wierk. An dësem Artikel soll gewise ginn, datt den ästhetesche Kader vum Wierk 'À la recherche du temps perdu' (Op der Sich no der verluerener Zäit) onmëttelbar op dem Proust seng Ausenanersetzung mat dem Ruskin sengen Bicher zeréckzeféieren ass – mat e puer Ännerungen, déi jiddwer kreativ Ëmwandlung erfuerdert.“

„La traduction littéraire comme création“ („D'literaresch Iwwersetzung als Kreatioun“)

Younès Ez-Zouaine

Publizéiert an der Zäitschrëft Meta

Band 62, Nummer 3, Dezember 2017, S. 585–598

<https://www.erudit.org/fr/revues/meta/2017-v62-n3-meta03512/1043950ar/>